**<u>Evangelium vum 13. Sonndeg C</u>**
**<u>Lk 9, 51-62</u>**

## KONTEXT

Vu Lk 8, 1 uns ginn d'Jünger méi erugezunn ; et gëtt ënnerscheed tëscht de Leit, fir déi d'Gläichnesser duerginn an deenen, déi méi kënner verdroen (cf. 8, 10) ; verschidde Wonner féieren derzou datt d'Jünger sech d'Fro stellen 'a wien ass deen doten ?' (8, 25). Ma, amplaz direkt eng Äntwert ze kréien, ginn déi Zwielef emol d'éischt erausgeschéckt dem Herrgott säi Räich verkënnegen (9, 1-6), ier si och nach bei der sougenanntener 'Broutvermehrung' (cf. 9, 12 am Ev. vun Erläichendag C) mussen aktiv ginn. Elo eréischt sinn si prett fir dem Jesus op seng Fro z'äntwerten, wien si da méngen datt hie wier (= den Text vum 12. Sonndeg C), hie kënnt hinnen also zevir. Dem Péitrus seng Äntwert weist, datt si um gudde Wee sinn ze verstoen, awer si hunn nach net alles verstanen. Dofir präziséiert de Jesus dem Péitrus seng Äntwert a gëtt de Leit all nach weider Elementer, wat e Liewen a senger Nofolleg bedeit (9, 23ff). D'Bestätegung 'vun uewen' kënnt an der sougenanntener 'Verklärung' (cf. d'Ev. vum 2. Faaschtesonndeg C). - Et gesäit ee wierklech wéi si fir de Lk Léierbouwe sinn, déi hei hir Ausbildung kréien.
Um Ufank vum Wee erop op Jerusalem un (9, 51ff, den Text vun dësem Sonndeg) wou sech dat erfëllt, wat de Jesus als Ergänzung zum Péitrus sengem Credo gesot huet, kréien d'Jünger nach eng Kéier eppes wéi en Intensiv-Cours : jeeweils an de Vv. 54-56 ; 57-58 ; 59-60 ; 61-62 liese mer eng Lektioun dorausser. – Ausser de Vv. 57-60 , déi e // hunn a Mt 8, 19-22, fanne mer dës Lektiounen net an deenen aneren Evangelien erëm ; d.h. datt de Lk hei wahrscheinlech Aussoe vum Jesus erëmgëtt, déi hien entweder aus senger 'Sonderquelle' hat, oder, wat méi probabel ass, déi hien aus dier sougenannter 'Rede-/Logienquelle' hat (= enger Sammlung vun Aussoe vum Jesus, déi scho ganz fréi nom Jesus sengem Doud tëscht den éischte Chrëschtegemeinschaften zirkuléiert ass) ; an dëser 'Logienquelle' liese mer nawell dacks Aussoen, wéi déi hei aus de Vv. 59-62, déi zimlech krass kléngen an esouguer net bei de 'Jesulein-lieb' passen.
Duerno sinn d'Jünger, 72 anerer, prett fir erausgeschéckt ze ginn (Lk 10, 1ff, d'Evangelium vum 14. Sonndeg C).

## TEXT

### Wéi et un der Zäit war, datt hien an den Himmel opgeholl gi sollt, ... (V. 51) :

Wuertwiertlech : Et ass awer geschitt, wéi d'Deeg erfëllt waren, datt de Jesus an den Himmel opgeholl gi sollt, an hien säi Gesiicht fest/hoart gemeet huet fir op Jerusalem ze goen' ; dëse Vers erënnert u Jes 50, 7, wou de Prophéit iwwert seng Missioun schwätzt a verzielt, wéi et him dobäi ergaangen ass; wahrscheinlech heescht 'säi Gesiicht fest/hoart maachen', datt d'Entschlossenheet deemjéinegen an d'Gesiicht geschriwwe steet. - A Lk 9, 31 war Rieds vum Jesus sengem 'Exodos', deen zu Jerusalem geschéie sollt (cf. d'Evangelium vum .....) ; hei elo fanne mer den Ausdrock 'datt hien/de Jesus an den Himmel opgeholl gi sollt' (cf. Lk 24, 51 ; Apg 1, 9-11) als Grond fir de Wee erop op Jerusalem.

**Hien huet Buete virun sech hier geschéckt, an dës hunn sech op de Wee gemaach a sinn ... (Vv. 52-53) :**

(D'griichescht Wuert fir 'Buet' ass 'angelos', vu wou d'Wuert 'Engel' hirgeleet ass.) Wuertwiertlech : Hien huet Buete viru sengem Gesiicht hier geschéckt...Ma d'Samariter hunn hien net opgeholl, well säi Gesiicht um Wee fir op Jerusalem war'. Dëst 'Gesiicht' kënnt och nach an 10, 1 erëm. – Gëtt et en Zesummenhank mat 9, 29, wou dem Jesus säi 'Gesiicht' ännert, éier hie mat dem Moses an dem Elias iwwert d'Passioun schwätzt ? - A Lk 7, 27, cf. Mal 3, 1 gouf de Johannes als de 'Buet' bezeechent, dee virum Jesus 'sengem Gesiicht' hier geschéckt ginn ass. – Op jiddfer Fall hu mer hei eng relativ feierlech biblesch Ausdrocksweis. – D'Samariter an d'Judde waren, duerch hir geschichtlech Entwicklung, keng grouss Frënn (cf. Sir 50, 25f ; Joh 4, 9) .

**Wéi d'Jünger Jakobus a Johannes dat gesinn hunn, soten si : ... (Vv. 54-56) :**

Dësen Episod mat der zwéi vun den dräi Zeien vun der 'Verklärung' (cf. V. 28) erënnert un den Elias, deen och net opgeholl ginn ass an dunn d'Samariter gestrooft huet (2Kin 1, 10-12). Mee, de Jesus brécht mat dësem alen Haass (cf. Lk 10, 33ff ; 17, 16ff ; Joh 4, 1ff) a geet och hei einfach an en anert Duerf, vläicht och e samaritescht, a ganz fréi geet d'chrëschtlech Verkënnegung och bei d'Samariter (Apg 8, 5ff). D'Jünger kréie Virwërf gemeet, well d'Evangelium net mat Gewalt imposéiert ginn däerf – wat awer leider dacks an der Geschicht vergiess gouf. Dëst war déi éischt Lektioun fir d'Jünger. – Déi zweet kënnt direkt hannendrun :

**Wéi si ënnerwee waren, sot een zu him : « Ech wëll dir nokommen, egal wuer s du higees. » Du sot ... (Vv. 57-58) :**

Mt 9, 10 a vläicht och Mk 2, 15 kann ee verstoen, wéi wann de Jesus en Haus gehat hätt ; beim Lk ass dat awer ni de Fall. – Dem Jesus nokommen = Jünger ginn. Fir de Lk gläichbedeitend mat keen Doheem méi hunn. Well de Jesus ass an allem, wat hie mécht a seet, d'Virbild fir déi, déi him wëllen nogoen.

**Zu engem aneren awer sot hien : « Komm mir no ! » Ma dee sot : ... (Vv. 59-60) :**

Hei wiesselt d'Perseptiv an et ass de Jesus, deen den éischte Schratt op een duer mécht. Wann de Jesus a seng Nofolleg rifft, loossen d'Jünger alles stoen a leien a ginn direkt mat (cf. Lk 5, 11. 27f ). Och d'Famill gëtt d'Zréckgelooss, wat och bedeit, datt d'Verpflichtungen innerhalb vun der Famill elo net méi gëllen ; esou war et eng héichhelleg Pflicht vun de Kanner fir hir doudeg Elteren ze begruewen. D'Verkënnegung vum Evangelium huet absolut Prioritéit, an et schéngt, wéi wann et séier misst verkënnegt ginn ; et spiert een ewéi eng bestëmmten Hetz duerch den Text erduerch. – Eng Ausso wéi déi heiten huet deemools immens schockéiert, a schockéiert och nach haut. – An dat war d'Lektioun N°3.

**Nees en anere sot zu him : ... (Vv. 61-62) :**

Och dës Äntwert vum Jesus ass extrem hoard a stellt d'Famill zréck zu Gonschte vum Herrgott sengem Räich ; de Jesus geet méi wäit wéi den Elias vis-à-vis vum

Elisäus, deen nach huet dierften Äddi soen (Cf. 1Kin 19, 19-21). Hei geet et emol net nëmmen ëmt d'Verkënnegung, ma ëmt d'Memberschaft am Herrgott sengem Räich, an och déi verlaangt absolut Prioritéit. – Lektioun N°4.
Dës Lektioune ginn nach eng Kéier widderholl a Lk 14, 25ff.

(Fränz Biver-Pettinger)